Emil2 de Beierfilm (AT)
Dreihbuch

Intro

Kinobetreiber: ... Dir Dammen an dir Häre̲n! Et ass mer eng immens grouss Éier haut virun Iech kënnen ze schwätzen, an et freet mech, datt der zu sou vill komm sidd.

(Die Kamera zeigt kurz das Kinopublikum, welches aus maximal 6 Leuten besteht, die alle ziemlich gelangweilt dreinschauen)

Dir Dammen an dir Häre̲n, dir frot Iech secher firwat ech décidéiert hunn, hei am Ciné Hannerknuppech e patrioteschen Owend z' organiséieren. An d'Äntwert dorop ass einfach: Mir, d'Lëtzebuerger verléieren eis national Identitéit. Mir loossen eis ënnerbottere vun de Belsch, de Preisen an den Heckefransousen. D'Portugiisen huelen eis Aarbecht fort, d'Hollänner eise Fändel an d'Kosovo-Albaner eis Handyen! Esou kann dat net weidergoen. Dofir präsentéiere mir Iech elo dëse Film. Ee Film deen Iech weist, wat et heescht Lëtzebuerger ze sinn, e Film, deen Iech weist wourop der kënnt stolz sinn!

(Film ab: Werbung Letzebeier, dazu Titel)
(Straße: Schwarzweiß)

Misch: Gudde Moien Ed!
Ed: O freck Misch? Du gesais awer haut erem Lëtzebuergesch aus! Wéi ech dech d'läscht Woch gesinn hat, haas du nach dragekuckt wéi dee läschte Preis? Waat hues de gemaach?
Misch: Mä Ed, dat ass ganz einfach! D'Essenz vum Lëtzebuergesch sinn läit eenzeg an alleng am Lëtzebéier!
Ed: Firwat dann am Lëtzebéier?
Misch: Well et kee Béier gët, dee sou lëtzebuergesch ass ewéi de Lëtzebéier! De Lëtzebéier ass esou Lëtzebuergesch wéi d'Kéi am Éislek, de Kallek am Guttland, an d'Italiener am Minett. Et ass dee bäschte Béier, deen op der ganzer Welt gebraut gëtt.
Ed: Mä, komm da gi mir elo een huelen!

(Ed + Misch im Café)

Ed + Misch: Prost

(Einblendung Lëtzebéier)

Szene 1

InBrüüsch-Vorsitzender: ... haben wir durch den Aufschwung in Südostasien im 3. Quartal auch in diesem wichtigen Markt erneut entscheidend zugelegt, und so endgültig den Turnaround geschafft. Ich möchte dafür dem Vorstand und dem Managing Director auch noch mal ein herzliches Lob aussprechen, das sicher auch in ihrem Sinne ist, sehr geehrte Aktionäre.

Kommen wir nun zu Punkt 5., Paragraph 3. der Meeting Schedule. Wenn man wie wir dieses Jahr die 150-Milliarden Sales Marke übertroffen hat, könnte dieser Punkt nebensächlich erscheinen, aber wir bei InBrüüsch sind überzeugt, dass es die vielen kleinen Rationalisierungsmassnahmen sind, die am Ende die grossen Gewinne ausmachen. Wir werden, um es kurz zu machen und auch nicht zu viel Zeit bei diesem Thema zu verschwenden, gewisse operative Teile der Luxbeier-Produktion ausgliedern und aus Luxemburg in unser belgisches Zentralwerk verlegen. Dieser Schritt, so klein er auch ist, beweist erneut, dass wir nie davor zurückschrecken werden, alte Zöpfe abzuschneiden oder notwendige Strukturanpassungen vor uns herzuschieben – was uns übrigens, wenn ich das so sagen darf, von den meisten Politikern auf diesem Kontinent unterscheidet – weil wir nur ein Ziel haben, nämlich unseren und damit ihren Profit zu maximieren.

(Applaus, der Vorsitzende bedankt sich)

Aktionär: Einen Einwand vielleicht, Herr Vorsitzender: könnte diese Entscheidung nicht Boykottbewegungen auslösen, die unsere Performance auf dem Beneluxmarkt gefährden?

InBrüüsch-Vorsitzender: Boykott? Wieso Boykott?

(Spion ist erschreckt, versucht verdeckt sein I-phone zu zücken, da seine Finger aber zittern vertippt er sich die ganze Zeit...)

Aktionär: Nun ja, in ähnlichen Fällen hat es durchaus schon Proteste gegeben, und die Luxemburger sind da als besonders empfindlich bekannt... Ein Boykott aller unserer Marken ist deshalb nicht ganz ausgeschlossen, immerhin geht es hier um ihr nationales Kulturgut!

InBrüüsch-Vorsitzender: Papperlapapp Kulturgut! Wir reden hier von Bier!

Aktionär: Mit Verlaub mein Vorsitzender, der luxemburger Konsument verhält sich, da seine Kaufkraft es ihm erlaubt, beim Einkaufen recht patriotisch. Er betrachten praktisch alles als Kulturgut: Den Käse, das Iphone. . . ähhh und das Hauptgericht, welches aus Schweinefleisch mit Ackerbohnen besteht. . . ähhhhh, man nennt es... "Jude mit Gartenbohnen".

InBrüüsch-Vorsitzender: "Jude mit Gartenbohnen"? Wie geschmacklos.

Aktionär: Naja, jedenfalls könnten wir ja vielleicht mit der Ankündigung bis zur jährlichen Pfingstkreuzfahrt warten, da ist sowieso niemand da...

InBrüüsch-Vorsitzender: Ach was, wir können unsere Entscheidungen doch nicht von solchen Operettenstaaten abhängig machen! Wir machen es wie immer, meine Herren: blitzschnell, eiskalt, und in drei Wochen sind wir in Paris... bei der Jahrestagung der Bierindustrie nämlich... und lachen darüber. So, jetzt machen wir dann auch mal Schluss hier. Ist ja schon 5 Uhr 45!

(Spion hat schließlich SMS geschrieben, MatchCut Bildschirm – Zeitung)

Szene 2

(Die Zeitung liegt beim Wirt auf dem Tresen)

Wirt: *(hebt Zeitung hoch)* Dat gëtt et dach net! D'Sai huelen eise Béier an d'Belsch! *(Grosse Überschrift auf der Zeitung: „D'Sai huelen eise Béier an d'Belsch")*

Gast1: Oh

Gast2: Wou?

Wirt: An d'Belsch!

Gast3: Jeje

Gast2: Wéi, verstinn ech net ganz, erklär, direkt!

Wirt: Ma hei, am Lëtzebuerger Express steet, datt Inbrüusch d'Produktioun vun eisem Lëtzebéier komplett wéilt an d'Belsch verleeën. Ausserdem steet hei daat och zu Letzebuerg d'Kierchevertrieder Kanner vergewaltegt hunn.

Gast2: Waaaaaat? Daat ass ee Skandal

Gast1: Eise scheine Beier.

Gast4: Hunn déi se nach all beieneen? Firwat an d'Belsch?

Wirt: Firwat wuel? Fir Goss ze maachen! Frick! Fesch! Cannelonien!

Gast3: Mat eisem Land geet et biergof, an de Béier. . . Jo, Quo Vadis Lëtzebéier?

Gast1: Lächerlech

Wirt: Schumme sollen se sech.

Gast2: Wou feiert eis daat nach hinn? Emmer gi mer mat Féiss getrëppelt! Wou mer och nëmmen hikucken. . .

Gast4: Du aarmt Letzebuerg

Gast3: Et gett dozou op Facebook schon eng Grupp

Gast2: Sou eppes ass Traureg, an eisem Joerdausend. D'mengt ee mer hätte baigeléiert, ma nee! An eis gëlle Fra schenke mer de Chinesen -

Gast4: Léine mer! Léine mer de Chinesen. Ech hunn deene giele Schlitzaen am Restaurant scho gesot, wann si sech géifen ënnerstoen eis gëlle Fra ze haalen, da kënne se kucke ween hir Pekinginte frësst. Deen heiten net méi!

Gast1: Nee, mä de Gast huet Recht! Naischt vun alledeem wat mer hunn, hu mer och wierklech. Alles wat mer hunn, hunn déi aner! Mir hunn naischt vun deem wat mer hunn.

Gast2: An all daat ass Gefreckels an Geft fir d'Zukunft vu Letzebuerg.

Gast2: Uerg Zaite sinn dat. Ganz uerg Zaiten.

Gast4: Ech hunn Angscht vun de Griichen, och wa se eis Cadeauë maachen.

Gast3: Waat ass Letzebuerg ouni den Beier? Absolut naicht.

Gast1: Ech hunn dat Gefill dass mir lues an lues, awer emmer méi séier, vun deenen Groussen ewechgedreckt ginn.

Gast2: Sidd dier iech bewosst wei deif den Letzebeier an eisem Land verwuelzet ass, weivill Leit hei am Land sech selwer domat identifizeieren?

Gast1: Et kann net sinn, dass Firmen, déi fréier mat gehollef hunn onse Räichtum opzebauen, wou Grousspappen sech de Bockel kromm geschafft hunn, dass mir haut do stinn, wou mir stinn, eis Virfahren an hier Arbecht elo mat hiere Féiss an den Aarsch gerannt ginn! Mir wëlle behaalen waat mir hunn.

Gast3: Elo schon hunn Auslänner mei ze soen wei mir. Daat huet elo naicht matt Rassismus ze dinn, gudd verstaanen. Mee iergendeppes muss gemeet ginn fir de Letzebeier hei am Land ze haalen. Et as e Steck Kulturguthaben vun Letzebuerg an daat dierf net verluer goen. Ausserdem ass et einfach de beschte beier, deen et op der Gesamtwelt gett.

Gast1: Ma jo ech sinn matt der Gesamtwelt onzefridden.

Gast 2: Wéi gesot, Gast, ech kann der nëmme Recht ginn, mä, den Emil huet eis nach guer net gesot, wat hien denkt.

(Der Wirt lässt seine Zeitung auf deen Tisch sinken.)

Wirt: Esou komme mir net weider. Mir kënnen net hei sëtzen a poteren, dat brengt eis naischt. Dat brëngt kengem eppes. Loosst mech emol aus der Panz eraus schwätzen: Letzebuerg ass mäi Land, ech fannen eis Sprooch a Kultur grad sou flott well se sou kleng a reng ass, an sinn houfreg einfach nemmen hei gebuer ze sinn. Et gett nach emmer e puer Leit, dei wësse fir wat hier Grousselteren am Krich gekämpft hunn, an ech sin ee vun hinnen: Si hu fir eis Existenz gekämpft, fir eis Kultur . . . a fir eise Béier. Mir mussen eis hei am Land dofir ansetzen datt em EISEN BEIER gekämpft gett!

(Alle Gäste applaudieren.)

Gast1: Bravo, Emil, dat doten nennen ech eng Ried!

Gast2: Daat misste mer mol maan, sou konsequent sinn wier mol eng wierklech gudd Iddi

Gast4: Daat glecklechst Land op der Welt daat kann an däerf net ennergoen

Gast2: Elo geschwenn kann all EU Bierger eng Staatsplaaz kréien, dann hu mer: en portugiesechen Buergermeeschter, franséischen Finanzminister, rumäneschen Justitzminister...

Gast4: Daat ass net polémiséiert, daat ass d'Wourecht!

Gast1: Do hues de Recht.

Gast2: Well wien get emmer gestrooft ? Wien da schon?! De klengen normale letzebuerger Mann natirlech. Wei emmer.

Gast3: Mee, wéi genee stells de der dat dann fir? Also daat mam konsequent sinn?

Wirt: Ech weess et nach nët. Ech wäert mol eng Nuecht driwwer schlofen, vläit kënnt mer dann eng Iddi. Mir schwätze muer nach eng Kéier driwwer oder soss iwwermuer oder sou. Sou. Déi nächst Tournée geet op d'Haus!

Szene 3

(Im War-Room der Regierung, verrauchtes mit Teppichen zugehangenes Zimmer. Der Krisenstab tagt um einen runden Tisch herum, im Hintergund läuft eine schlecht animierte Powerpointpräsentation) (Stille)

Wirtschaftsminister: *(räuspert sich)* Vum legalen Standpunkt aus huet InBrüüsch natirlech d'Recht ze delokaliseieren, souguer an d'Belsch...

Finanzminister: Tjo, do kann een wuel naicht maan...

Wirtschaftsminister: Mir haaten einfach Pech, allerdengs ass des Affaire lo net vun enger iwwergrousser Wichtegkeet fir eis Staatsfinanzen.

Finanzminister: Iwwerhaapt fannen ech daat d'beruffen vun engem Krisenstab d'Situatioun zevill dramatiseiert, also, ech mengen, et geseit jo ganz spannend aus, mee jo...

Wirtschaftsminsister: Do hudd der Recht, firwat des Ambiance?

Transportminister: Sot emol, ech wëll jo net stéieren, mä wat maachen ech eigentlech hei? Ech sinn Transportminister, dat heite geet mech guer naischt un.

Aussenminister: MOMENT! Ech geif iech bieden mol net ganz sou seier hei iwwer des Saachen ewech ze goen. Waat ass matt deenen Aarbechtsplaatzen dei do um Spill stinn? Emmerhin ass daat ee Punkt an deem mir hei ee bessi Sozialt-Gewessen spillen können...

Wirtschaftsminister: Do hunn nemmen Kosovo-Albaner geschafft, se setzen schon am Fliiger fir zreck a Jugoslawien. Dat huet de Immigratiounsminister fir eis an d'Rei gemaach. Iwweregens, wou ass deen am Moment drun?

Finanzminister: Mir hunn en Immigratiounsminister?

Transportminister: Beim Bacchus um Apéritif. An ech schloe fir do gi mer lo och hinn. Ech kreien nämlech sou lues Honger...

Finanzminister: Dovunner wousst ech awer naischt. Schreif mol een him en decke fetten non excusé an d'Klassebuch. Mee wa mer scho bei den Absencë sinn, wou bleift de Premierminister?

Wirtschaftsminister: Här Finanzminister, dës Konferenz entscheed iwwer Krich a Fridden, iwwer Liewen an Dout. An da mengt dir et wier eng gutt Iddi, de Premier z'invitéieren?

Finanzminister: Natiirlech net. Pardon, ech hat net iwwerluecht.

Wirtschaftsminister: Ech geif dann awer nach zum nächste Punkt komme wellen, OECD schleit fir daat mer...

Aussenminister: Aaaaaah, nee! Et gett net um Index gefreckelt!

Wirtschaftsminister: Moment, emmerhin ass et d'OECD!

Aussenminister: Ech hunn och eng Clientskaart am CACTUS, ech liesen awer net all Reklamm déi se mer heemschecken!

Transportminister: Maache mer lo eng Paus?

BRP-Virsetzenden: Wann ech mai Pefferkär kéint dobaileeën. . .?

Finanzminister: Wee sidd dir iwwerhaapt? Ech si Minister, ech kennen déi meescht vun eise Ministeren, an dir sidd kee vun deenen!

BRP-Virsetzenden: Main Numm ass Jos Zänner. Ech si Virsëtzende vun der BRP, der Baueren- a Rassistepartei.

Aussenminister: Wat hutt dir hei verluer?

BRP-Virsetzenden: Ech ginn zou, ech krut keng offiziell Invitatioun gescheckt. Allerdéngs krut ech mat, datt an eisem War-Room d'Luuchten uwaren, du sinn ech aus rengem Interessi mol laanscht kucke komm.

Aussenminister: A wat hutt dir heizou baizedroen?

BRP-Virsetzenden: Ech wollt Iech just, mat ärer Permissioun, drop opmierksam maachen, datt dir bei där ganzer Béiersgeschicht eppes vergiess hutt.

Wirtschaftsminister: Waat dann?

Aussenminister: Waat, djö nondi djö! So wat s de ze soen hues oder du kriss der e puer lénks a riets an d'Suddel datt s de mengs de MUDAM wier e Musée!

BRP-Virsetzenden: D'Rentenreform

Wirtschaftsminister: Waat huet daat lo domat ze dinn?

BRP-Virsetzenden: Ma daat steet sou an mengem Wahlprogramm... An schlussendlech ass et daat waat de Wieler heieren well.

(Pause)

Finanzminister: Uhhhhh, de Wieler! Deen hu mer vergiess...

Wirtschaftsminister: Wei dann...

Finanzminister: Ma bei der Beiersgeschicht, net d'Rentereform mee de Wieler gouf hei grad vergiess...

Aussenminister: Freck, jo...

Finanzminister: Ouni Zweifel besteet Handlungsbedarf, mir musse handeln.

Wirtschaftsminister: Wei gesoot, legal ass quasi naicht meiglech...

Aussenminister: Haaptsaach mir maan eppes...

Finanzminister: Gitt mer mol dei Verfassung do riwwer... *(bliedert duerch d'Verfassung)*

Wirtschaftsminister: An do soll elo d'Léisung vun all eise Problemer drastoen?

Aussenminister: Also ech muss soen, déi Saach mam Béier huet mech déif getraff. Ech weess net méi wat mer maache sollen. Ech fille mech latzeg, wéi wann ech meng Essenz verluer hätt, esou richteg dépriméierend. . .

BRP-Virsetzenden: Dajee hepp, ech haalen eis eng schein patriotesch Ried, ech hunn do eppes firbereed.

Aussenminister: Hätte mer net besser e brainstorming ze maachen?

Wirtschaftsminister: Oh, nee, nëmmen net. Herno di mer eis nach wéi.

BRP-Virsetzenden: Häer President, dir Dammen an dir Hären, leif Letzebuerger... kuerz dramatesch Paus... Well daat hei, an dat däerfe mer net vergiessen – well dat hei, daat ass Letzebuerg. An net d'Belsch, an net Frankraich an net Preisen. An och net Portugal an net d'Tirkei an och net Spuenien an net d'Schwaiz. An net d'Russen. A scho guer net d'Tschechoslowakei! An net China an net Amerika. Et ass net Brasilien. An net Afrika, an net Australien an Neiseeland oder Japan an net... Arel! An net England. *(pause)* An net Spuenien. An net den Kongo, an net Bolivianien an net Hawai... an net ITALIEN, an net Schweden, an net Polen an net Daitschland an net Letzebuerg, ah dach, awer net d'Belsch. Et ass net... Aaaa...fgahnistan... et ass... schon guer net... Marokko, an net... Griichenland, et ass jo net Griichenland schon guer net. an net Island...

Finanzminister: Hei, ech hunn et fonnt!

Wirtschaftsminister: Weiss!

Finanzminister: Hei keinte mer dach einfach den ‚sanctionner' do rausstreichen...

Aussenminister: Oh, jo... firwat net

BRP-Virsetzenden: *(hellt d'Letzebuerger Geographiesbuch raus)* An NET Ungarn, an net Moldavien an net Bulgaria an net Russland an net Schottland an net Indien an net Thailand.

Transportminister: Top-Ried, Jos. An lo ginn mer eppes Iessen? Ech bezuelen den Taxi!

Szene 4

Zwischentitel *(RTL)*

M1: Hei elo eng kuerz iwwersiicht zum Dossier Letzebeier. Waat bis lo geschitt ass:

M2: Am Fong daat wat emmer geschitt. Den Dossier Letzebeier gouf oofgeschloss, een Dossier vun villen villen villen klengen Dossieren an eisem klengen Land.

M2: An wou wieren mer, wann mir net dess kleng Geschichten hätten, dei eis ee bessi Faarw an den Alldag brengen. Dei Zort vun Geschichten sinn ee Kulturgut vun eisem Land.

M1: Sinn et net schlussendlech des butzeg Skandaler dei eis et ermeiglechen, philosophesch ze ginn an eis Froen iwwert de Senn vun desem Land ze stellen? An des poetesch Gedanken dann an Form vun engem Lieserbreif und d'Wort ze schecken, op Facebook ze posten oder op eiser uewerflächlecher Internetsait?

M1: Wann lo also net iergendwei eppes onerwaartes geschitt fir deser Geschicht eng spektakulär Wendung ze ginn, müsse mer eis demnächst eng nei Story sichen.

Szene 5

(Schlafzimmer des Wirts) *(Licht weckt den Wirt, Muselina hat den Raum betreten)*

Wirt: Dat dote kann net sinn. Ech dreemen! Muselina, Schutzpatrounin vun der Heemecht! A vum Béier!

Muselina: A vun den Anagrammen!

Wirt: Daat kann net sinn! Muselina! Schutzpatrounin vun der Heemecht! A vum Beier! A vun den Anagrammen! Firwat bass du hei?

Muselina: Ech hunn eng wichteg Noriicht fir dech!

Wirt: Ech lauschteren der no, looss kommen.

Muselina: D'Léisung lait am. . .

Wirt: Moment!

(Der Wirt öffnet seinen Nachttisch und greift zu Notizblock und Kugelschreiber.)

Sou, schéiss lass!

Muselina: D'Léisung lait am Béier.

Wirt: Hä? Ech mengen du hues do eppes falsch verstan! Wéi kann d'Léisung am Béier leie, wa se eis de Béier wechhuele wëllen?

Muselina: *(den Tränen nahe)* Et deet mer Leed. Ech kann et net besser. Ech sinn zwar dat schéinsten an intelligenteste Wiesen am ganze Land - wat nët besonneg schwéier ass, ginn ech zou.

Wirt: Mä kéins du net einfach dat wats de mer soe wëlls sangen, vlait ass et dann mei einfach?

Muselina: Ech wäert et probéieren:
(Lied Muselina, sie ist sehr nervös und versucht sich zu konzentrieren 1min15)

Muselina: Fleesch ass ganz gesond, mee Geméis ass dat och
Dofir Iess déi zwee all Daag an der Woch
Vernoléisseg dann deen aarme Fësch och nët
Mee sief frou datt et daat alles gët.

Wirt: Ok, ech schreiwe mer dat emol esou op. . . sang roueg virun!

Et gi Leit déi schlofe bis Owes spéit
Et gi Leit déi gi waakreg wann den Hunn moies kréit
Et gi Leit déi si scho säit laangem dout
Mee deel du mat hinnen och däi Brout

Wirt: Brout? Hmm. . . Ech weess net op mer der Saach méi nokommen?

Et ass lo un dir fir ze handelen
Fir eist Land an e bessert ze verwandelen
Stéi lo op fir eis, well eis Laag ass uerg
A kämpf fir eist schéi Lëtzebuerg

Wirt: Kämpfen. . . Djeft, daat ass et, lo hunn ech et verstaan. Merci Muselina, ech hunn et verstan! Mir mussen konsequent opstoen an eis géint den auslänneschen Eindrengleng wieren! Ech wäert direkt déi ganz Noperschaft zesummeruffen!

(Wirt rennt aus dem Zimmer)

Muselina: Nee, moment waart, du hues mech falsch verstan, esou wollt ech dat. . . guer net. . . sangen. . . Merde! Virwat geschéie sou Saachen nëmme mir, ma daat ass sou blöd lo...

Szene 6

(Feld, viele Luxemburger haben sich mit Fackeln und Heugabeln bewaffnet um den Wirt geschart, der eine Rede hält)

Wirt : Dir wësst firwat mer all hei sinn?

Bauer mit Traktor: Jo, fir gint di nei Mëllichpräisser ze demonstréieren?

Wirt : Nee, et geet dorëms, datt de Lëtzebéier soll heibleiwen.

Bauer mit Traktor: Asu! Bon, an deem Fall, naist fir ongoud, Emil!

Wirt : Naischt fir ongutt Gast!

(Der Bauer wendet und fährt weg.)

Wirt: Ech hunn haut zu deser Versammlung een Ausschnett vum Letzebuerger Vollek am beschten Senn vun deem Wuert agelueden. Virun mir stinn Reihen vun deenen dei schweier ennert der Situatioun vun haut ze leiden hunn, Leit dei net mei hieren Kaffi op Letzebuergesch bestellen können. Leit, dei keng Arbechtsplaatz kruuten well Auslänner mei fleisseg an zouverlässeg sinn sinn. Donieft jonk Männer, dei d'Premiere fäerdeg gemeet hunn an haut matt dem Auto vun hierem Papp hu kommen missen, well se sech nach keen eegene leeschten konnten. Dotescht zielen ech Patrioten aus vergaangenen Deeg, Leit dei d'Freiheet vun Letzebuerg verdeedegt hunn, z.B. an Korea, z.B. am Afghanistan oder och all Weekend zu Treier, et ass eng blenkeg Delegatioun. Hannert hinnen erhiewt sech ee Block vun Staatsbeamten. Do hannendrun stinn Männer aus de richtegen Parteien, Repräsentanten vun der Kiirch, Dokteren, Schoulmeeschteren, an nach mei Staatsbeamten an Vertrieder vun der Ami Peras: Eng houfreg Vertriedung vun eisem intellektuellen Liewen. Duerch dei ganz Ronn verdeelt gesinn ech dausenden letzebuerger Hausfraen. D'Jugend ass präsent... Ech kann also matt Recht soen: Daat wat hei firun mir steet ass een repräsentativen Ausschnett aus dem ganzen letzebuerger Vollek an eiser Heemecht. Stemmt daat, jo oder nee?

Alle: Jo!

Wirt: Also meng Nolauschterer, dir repräsenteiert an desem Moment d'Natioun
Un iech well ech ee puer Wieder riichten dei iech encourageieren sollen matt mir lo entgülteg dofir ze suergen, daat all dei batter Joer voller Enttäuschung an Ennerdreckung lo riwwer sinn. Niewt dem Beier gelt et eist Land zereckzegewannen, eis Heemecht, eis Identiteit.
Letzebuergesch sinn dei, dei letzebuergesch schwätzen; well si wäerten erheiert ginn.
Letzebuergesch sinn dei, dei zum Stausei fueren, hier Liewensaart wäert iwwerliewen. Letzebuergesch sinn dei, dei op der Oktav wooren, hinnen ass d'Himmelsraich.
Letzebuergesch sinn dei, dei sech matt der letzebuergescher Geschicht auskennen, well si hunn d'Wourecht gepacht.
Letzebuergesch sinn dei, dei Letzebuergesch Lidder sangen, hier Kultur wäert sech behaapten.
Freet iech an paackt matt un; eisen Loun ass grouss an eiser Heemecht, dofir sangt:

(*ca 50sek)*

Wirt: Dir Lëtzebuerger ët geet lass,
Bauer 1: De Paak dee gët haut räusgeschmass,
Bauer 2: Ab haut regéiert Siegfrieds Rass, t geet lass!
All: Gitt zréck a Frankräich, Belgie, Preisen,
Mir wäerten Iech de Meeschter weisen
Loost eis no alle Säite brëllen
Mir kënne maache wat mir wëllen

Gitt der nët bal
Ma mir Iech kal
Gitt elo gläich
Heem an äert Räich
A gitt der nët gewëss
Da kritt der e Schous voll Schnëss- *(Paus)*
-kichelcher!

Dir Lëtzebuerger et geet lass
De Paak dee gët haut räus geschmass
Ab haut regéiert Siegfrieds Rass
Dir Lëtzebuerger et geet lass!

Et geet lass!
(Die Menge verlässt das Feld)

Intermezzo

(Black Eine weiße Schrift: "Fir datt d'Auslänner de Message vun desëm Film och verstinn, brénge mer hinne mat Hëllef vun engem kuerzen Dialog vum Lëtzebuergeschcours vum Institut national des langues eis Sprooch e bëssi méi no." wird ein- und wieder ausgeblendet. Man hört folgenden Dialog.)

A: A wat muss ech da genee maachen?
B: Dir flitt e puer mol am Joer an d'Ausland, Mme Klein. An do fotografiéert dir déi nei Hoteller fir an eis Vakanzebrochure.
A: Oh, dat ass awer interessant!

(Eine weiße Schrift: "Merci fir är Opmierksamkeet" wird ein- und wieder ausgeblendet.)

(Im Kino)

Intel1: Also dramaturgesch gesinn woor daat doten lo ee bessi penibel.

Szene 7

(Nachrichtenstudio RTL)

(Intro: Letzebuerger Wochekuck, beide im Hintergrund anderes Nachrichten Design)

M1: Ausgeleisst vun der Beiersaffaire an der Initiative „Freit Letzebuerg“ ennert der Leedung vum Wirtsen Emil ass den Zweeten Kleppelkrich an der Geschicht vun Letzebuerg ausgebrach.

(Im Hintergrund: „KK2 ass ausgebrach“)

M2: Gedriwwen vum Wonsch endlech ze handelen an Letzebuerg de Letzebuerger zereckzeginn hunn verschidden Patriotengruppen ugefaangen d'Heemecht ze befreien. Mir, an dei aaner letzebuergesch Medien informeieren iech op letzebuergesch wat grad zu Letzebuerg geschitt.

(Nur noch Wochenshau-Bilder / Moderation aus dem Off/ im Hintergurnd läuft die Melodie des letzen Liedes)

Dese Kampf entscheed d'Schicksal vun der Letzebuerger Natioun fir dei nächst 1000 Joer.

An all Duerf hei am Land gett massiv mobiliseiert fir och deen leschten net-Letzebuerger z'identifizeieren. *(Einblendung: Frau mit Schild um den Hals: „ech si matt engem Preiss bestued“.)* D'Frontalieren sinn matt enger Vignette ausgestatt ginn ouni dei sie eis Landstroossen net mei befueren dierfen. Des Landstroossen däerfen se allerdings och nemmen nach an Richtung Grenz befueren. D'Autobunn ass fir sie verbueden, fir daat d'Letzebuerger moies ouni Stau bis op hier Aarbecht kommen.

D'Portugiesen an der Fiels fäerten, daat sie dei nächst sinn wäerten, die vun Sanctiounen an Ausweisungen getraff ginn

(Portugiesen greifen zur Gitarre, erster akkord; Luxemburger: „Dir sidd dei nächst!“)

Fir sie gellt lo och d'Gesetz: Tuuten däerf een nemmen nach als Letzebuerger, sech iwwer eppes freeen däerf een och nemmen nach als Letzebuerger. D'Luuchten am Duerf ginn ausgemeet soubaal all d'Letzebuerger schlofen.

De Letzebuergeschen Benzin däerf nemmen nach vun Letzebuerger kaaf ginn, fir allerdings den Letzebuergeschen Benzin hier stellen ze können sinn eis letzebuergesch Aarbechter op der Sich no letzebuergeschen Petrols-reserven. An aaneren Beraicher leeft de Prinzip schon besser: an de Restauranten ginn nemmen nach letzebuergesch Plaaen serveiert. Als letzebuergesch gellt eng Entree dei op mannst 38 Cannelonie kascht, an en Haaptplat mam Prais vun iwwer 52 Cannelonien. Woubai d'Preisser nach changeieren wäerten, well d'nächst Joer den Frang nees an d'Heemecht kennt.

Op Kulturellem Niveau gett alles gemeet fir d'Letzebuerger Konscht opzewäerten: am Kino laafen nemmen nach letzebuergesch Filmer op letzebuergesch, an de Museen hänken nemmen nach Biller vun letzebuerger Kenschtler. D'Festungsaanlaagen vun der Staadt Letzebuerg, dei ennert dem Fransous Vauban ausgebaut gouf gett oofgerappt, an d'Kasematten, dei d'Spuenier an de scheinen Letzebuergeschen Steeen gegrouwen hunn ginn nees opgefellt.

D'Maus Ketti gouf als preisesch Maus entlarvt, an repatrieret.

Niewt den letzebuergesch-Couren an der Schoul, wou lo souguer englesch op letzebuergesch ennerriicht gett suergt eng Embennungscampagne fir d'Revaloriseierung vun eiser Sprooch. Och de Cactus ass betraff, sein neien Numm soll nach dobai net mei un eng Wüstenlandschaft erenneren, mee un dei Wisen duerch dei d'Uelzecht zitt. En heecht demno elo: „Pissblumm“.

Szene 8

(Im War-Room der Regierung, powerpoint-präsentation zeigt Grafiken welche die totale Pleite des Landes beziffern)

Finanzminister: Daat ass batter.

Wirtschaftsminister: Hm, vlait keint een lo sou lues drun denken eng Ried zur Laag vun der Natioun ze haalen.

Finanzminister: Wou ass dann de Recht vun eisem Krisenstab?

Aussenminister: Ma dei eng versichen nach hiert Navigatiounsgerät op letzebuergesch emzestellen...

Finanzminister: Oh hei, d'Ried...

Wirtschaftsminister: Dir Dammen an dir Hären, déi Zäit an där mer liewen, déi ass net einfach. Si ass net einfach um nationale Plang.

Finanzminister: Uhhh, daat ass schon mol eng batter Erkenntnis...

Wirtschaftsminister: D'Politik vun der Multikultigesellschaft ass d'Baach agaang, d'Faszinatioun vum Zesummenliewen ass geplatzt, den Orchester vun deenen déi ëmmer erëm d'Melodie vun der ongebremsten Integratioun an dem totalen Respekt ugestëmmt hunn ass méi kleng ginn, d'Auslänner kruuten zwee Schalldämpfer op hier Trompett.

Aussenminister: Respekt, deen do huet et verstaan.

Wirtschaftsminister: Allerdengs ass d'Situation lo eecht: Ech weess datt der d'Jongléiere mat den Zuelen net gär hutt, ech maan et lo trotzdeem:

Wann et de Pläng vun der Patriote Front nogeet, dann wäert dest Land geschwenn 43,7 Prozent vun senger Bevölkerung verleieren, des ass d'Zuel vun den Auslänner. Dobai kommen dann nach eng Keier ongefeier geschaaten 57,3% d'Zuel vun deenen dei iergendwei familiär Verbindungen zum Ausland huet. Des weideren wäerten dei zou Grenzen dofir suergen daat dei 138'000 Frontalieren net mei an eis Heemecht rakommen. Insgesamt verleiert Letzebuerg domat insgesamt an enger eischter Phase ca. 65% vun deenen dei hei am Land schaffen. Souweit wier et mol nach net sou dramatesch, des Leit däerfen jo och net wielen.

Et kristaliseiert sech awer eraus, daat och iwwer 90% vun den Betrieber hei am Land zoumaachen mussen, dei meecht Firmen geheieren greissere Firmen am Ausland. Donieft gett all dei Infrastruktur oofgerappt dei vun auslänneschen Architekten entworf gouf, sou och dese Sall an deem mer lo beieneen sinn.

Kuerz: Wann d'Letzebuerger weider versichen hier Identiteit ze fannen, an deems se nemmen daat beibehaalen waat „richteg letzebuergesch" ass, hunn mir kuerzfristeg awer och iwwerhaapt guer a glat naicht mei an desem Land.

Finanzminister: Hmjo, daat ass natirlech lo eng heikel Saach...

Aussenminister: Waat ass dann lo matt deenen Aarbechter dei no Petrol sichen, gett et do net eng Chance?

Finanzminister: Aarbechter? ‚letzebuergesch' Aarbechter?...

Aussenminister: tjo, ehm... emmerhin hu mer eng Aarbechter-partei...

Wirtschaftsminister: Daat schlemmst un der ganzer Saach ass: Wann bis naicht mei do ass, ass och eisen heichen Liewensstandart an d'Kompetitivitéit vun desem Land a Gefoor...

Aussenminister: aaaaaahhhhhhhh!

Finanzminister: Soot daat dach net...

Aussenminister: An sou engem Moment misst een eigentlech d'Land verloossen, daat wier absolut legal, emmerhin gett et aaner Länner an deenen et de Leit lo gudd geet... Do keint een jo dann hinfleien an teschenduerch mol emmer sou een Radiosmessage un de Wieler senden ...

Wirtschaftsminister: Ech froen mech wou eis Cannelonien wuel grad drun sinn ...?

Szene 9

(Inbrüüsch Versammlung)

InBrüüsch-Vorsitzender: Ich will nicht lange drum herum reden. Angesichts der gegenwärtigen Zustände in Luxemburg, hat sich die Lage des gesamten Europäischen Markts verschlechtert. Das Land Luxemburg steht kurz vor der Pleite und noch immer werden sämtliche unserer Produkte dort boykottiert...

... was sich allerdings nicht verschlechtert hat, sind... unsere Verkaufszahlen!

Aktionäre: Yeah!

InBrüüsch-Vorsitzender: Durch geschicktes Management unsererseits ist es uns auch in dieser Krise gelungen weiterhin schwarze Zahlen zu schreiben, was interessiert uns da dieser Pappenstiel! Übrigens, was alles noch lustiger macht... dieser Emil, der Anführer dieser Patriotengruppe, hat mir eine Reihe sehr lustiger Nachrichten auf meiner Mailbox hinterlassen.

(Der InBrüüsch-Vorsitzender zückt sein Iphone)

Wirt: (off) Bonjour InBrüüsch, nach eng Kéier den Emil. Meng léif Herrschaften, Ech fueren duer déi Kéier, ech hu lo de Moyen. Ech fecken äre Saukonzern hei an den Oasch, gleeft mer et wat ech soen. Et geet duer InBrüüsch, gitt e mol eng Kéier op de Bierg, gitt op den Härebierg e klenge Stage maachen. Mee dat kënnt der net, dir sitt ze domm fir alles! Awer eise Béier forthuelen, dat kënnt der! Mee maintenant, Inbrüüsch y compris, dir gitt Iech oder et rabbelt, houere Wouscht, deen der sidd.

InBrüüsch-Vorsitzender: Das verlangt doch wohl nach einem Gläschen Chantré?

(Party)

Szene 10

(Auf einem Weg durch den Wald, Minister mit Koffern.)

Finanzminister: ... ech hunn jiddverfalls Verbindungen op London, do keinte mer ennerkommen...

Aussenminister: an ech wäert soueppes soen wei: Daat glecklechsten Land op deser Welt, daat kann an...

Wirtschaftsminister: Wann d'Kriis dann riwwer ass, dann kommen mer zereck, an maachen dann hei sou weider...

(Grell Luucht)
Aussenminister: Uah
Wirtschaftsminister: Wei?
Finanzminister: An daat sou frei am Owend...
(Muselina erscheint auf dem Weg vor den Politikern, pause)
Wirtschaftsminister: Ehm, waat keint een dann elo froen?
Finanzminister: Ma noom Numm zum Beispill
Aussenminister: Ech sinn de Jean-Paul
Wirtschaftminister: Ma nee...
Finanzminister: Ma da loosst et dach mol schwätzen
Muselina: Ech sinn d'Muselina, Schutzpatrionin vun der Heemecht, dem Beier an den Anagrammen... Ech kommen fir iech an deser donkeler Stonn eng Luucht ze schenken.
Aussenminister: Daat soe mir och emmer am Wahlkampf
Finanzminister: Pst!
Muselina: Also: ehm... *(pause, Politiker hören angestrengt zu, irgendwann erklingt ein akkord)* Jo bon, also sangen wäert ech lo net mei, d'ass dei lescht keier schon batter schief gaangen...
Stimme aus dem Off: Dann schwätz et einfach, Muselina...
Muselina: Bon, ech wäert et mol probéieren...
(«Da Da Da» von Trio-ähnliche Musik 30sek)

Dier Meedercher loosst iech beléiren, oho!
A kommt hier e gudde Root héiren, oho!
Maacht nët ewéi d'Meedche vu Gëtzen,
soss bleift der nach alleguer sëtzen, oho! Oho!

Aussenminister: Interessant...
Muselina: Ech hu guer keng Loscht mei...
Wirtschaftsminister: Mee et huet Recht, daat ass et am Fong
Finanzminister: Du mengs... ???
Wirtschaftsminister: Jo! Et ass eis eenzeg Chance
Muselina: Mir ass richteg schlecht, an ech hunn de Reck weih...
Finanzminister: Et ass dach sou: dei grouss Firmen dei eis d'Suen sechere, können nemmen ennert 2 Konditiounen nees an d'Land kommen: Eischtens müssen dei Firmen vum Standuert Letzebuerg profiteieren. Op der aanerer Sait wellen d'Letzebuerger nemmen nach Firmen dei daat verkierperen waat fir sie als national Identiteit zielt...
Wirtschaftsminister: Waat mer demno brauchen sinn Multinational-Firmen matt letzebuergescher Symbolik, dei op Letzebuerg kommen well se hei mei Cannelonien maache können. Dofir bezuelen se eis dei neideg Cannelonien un Steieren an eise Wuelstand ass gesechert.
Aussenminister: Daat heecht?
Muselina: Hei, ech ginn lo, daat do ass mol nees sou richteg schief gaangen, daat klappt einfach net, ech brauch eng Klimaveränderung...
Finanzminister: Jo daat klappt.
Aussenminister: Asou!
Wirtschaftsminister: Ech ruffen mol direkt do zum Beispill bei der InBrüüsch un. Mir hunn dach een vun eisen Leit do... Hu mer dei Kompetiviteitsproposen dobei... ? Mol kucken waat sech maachen leisst...

Szene 11
(offenes Feld,die Luxemburger, die nichts mehr haben sitzen in kleinen Gruppen zusammen, der Wirt ist nicht bei ihnen)

Letz02: Et däerf een lo net alles relativeieren
Letz03: Et muss een zwaar schon konsequent bleiwen
Letz01: Hmjo, stemmt schon
(D'Letzebuerger bleiwen konsequent)
Letz04: Uah *(schüttelt sich)*
Letz02: Waat ass lass, waat hues du?
Letz04: Ech haat grad ee patrioteschт Gefill
Letz03: Hm
Letz01: An waat maache mer haut nach?

Letz02: Tjo, also wann ech sou eis Lescht kucken bleiwt net mei sou ganz vill iwwereg fir ze changeieren, an wann ech mech hei sou emkucken tippen ech daat mer den Urzoustand vu Letzebuerg geschwenn ereecht hunn...
Letz03: Ma konsequent bleiwen, daat maache mer haut.
(Nachrichten im Radio...)
M2: ...an mir versichen lo den Emil vun der Patriotenfront hei an d'Sendung ze schalten...
M1: Den Emil wäert eis lo erklären, waat fir Aufgaaben nach ausstinn fir Letzebuerg ganz den Letzebuerger zereckzeginn.
M1: Daat huet lo net sou gudd funktioneiert, awer mir probeieren et direkt nach eng keier...
Wirt: Ehm jo...

Leif Letzebuerger.

Ech well net verstoppen daat eis Lag am Moment net roseg ass. Opwuel mer et gepackt hunn fir dei meescht vun eisen Zieler duerchsetzen ze können huet een wichtegen Deel vun eiser Identiteit ennert de Changementer leiden mussen. Ech schwätzen wuelgemierkt vun eisem Wuelstand.

Dese Wuelstand deen eis schon virum Kleppelkrich geklaut gouf, an dessen Verteidigung een vun den Haaptzieler vun desem Krich ass, deen gellt et lo matt allen Mettelen dohinner zereck ze huelen wou en hier kennt. An zwar an d'Heemecht. Fir des schwiereg Missioun hu mer eis den Militärfliiger vun der Armei ausgeleint. *(Einblendung Bomber 2ter Weltkrieg)* Mir sinn lo schon um Wee dohinner, also fir d'eischt bei den Inbrüüsch-Konzern, do weess och nach keen daat mer kommen also soot och w.e.g. kengem eppes dovunn.

Letz02: Djeft, D'Sai hunn de Fliiger kaaf...
Letz04: Ech weess, steet schon am Kurier *(Zeitung: D'Sai hunn de Fliger kaaf)*

Szene 12

(InBrüüsch-Konferenzsaal, man ist noch am feiern. Der Spion reicht dem Vorsitzenden sein I-Phone.)

InBrüüsch-Vorsitzender: Kein Mindestlohn ...Interessante Vorschläge sind dies in der Tat, Abschaffung der Gewerkschaften, der Index wird aha! Oh... Jajajaja, ich verstehe, sie arbeiten sehr stark an ihrer Kompetitivität... Ach und was die Steuern für Betriebe... jaja, und die ähhh, Reichensteuer? Achja, sehr ehm, positiv ja, das ist ein argument... Man muss schon sagen, solangsam wird ihr Land interessant...

(Der Wirt und ein Teil des Volks sind unbemerkt in den Saal gedrungen, maskiert mischen sie sich unter die Aktionäre, und versuchen dem Vorsitzenden immer näher zu kommen.)

Tja, ich glaube unter diesen Vorraussetzungen steht einem Anschluss nichts mehr im Wege.

Naja, das nennt man eben so... Ein Haken ist allerdings dieser Punkt mit eueren Bürgern. Die scheint ihr ja im Moment nicht sonderlich unter Kontrolle zu haben. Unvorstellbar wenn die aufkreuzen würden und dieses ganze Projekt zum Untergang... ahhh die sind ganz harmlos... jaja, der Wähler, verstehen ...

Na dann könnte ich das ganze ja mal zur Abstimmung bringen. Unter diesen Konditionen werden die Aktionäre bestimmt bereit sein den Standort wieder zurück zu verlagern. Moment, wir entscheiden das mal eben ... *(laut)* Meine sehr verehrten Damen und Herren, eine erfreuliche Nachricht erreicht uns heute...

(Der Wirt und sein Team kommen nach vorne gesprungen und reissen den Vorsitzenden vom Rednerpult. Aufregung im Saal)

Wirt: Kee bewegt sech mei am Sall, mir sinn Letzebuerger an huelen eis daat zereck waat dir Auslänner eis schelleg sidd. *(Zoom)* Eise Wuelstand

(Die Luxemburger stellen den Vorsitzenden)

Gast02: De Wuelstand, geff mer mei letzebuerger Wuelstand zereck, du houere Preiss...
Gast03: Schedd em mol dess heiten erann, dee wäerte mer schon un d'schwätze kreien...

(Vorsitzender wird mit Letzebeier abgefüllt)

Wirt: Keng Panik am Sall, mir wellen nemmen eisen Wuelstand, et ass een Deel vun eiser Identiteit...

(Der Vorsitzende ist fällt in Ohnmacht) (Black)

InBrüüsch-Vorsitzender: Wo bin ich hier? Was ist los?
Muselina: *(seufzt)* Ma daat ass dach lo wierklech egal...
InBrüüsch-Vorsitzender: Wer bist du?

Muselnia: Hei komm lo sief roueg, ech muss mech hei voll konzentreieren, an ech kann der soen, et ass iwwerhaapt net hellefsraich wanns du mer lo dotescht schwätzt, ee bessi respekt... KANN dach net zevill verlaangt sinn... Wou waar ech drun, ech hunn sou keng Loscht mei, et ass net ze gleewen...
(Zaubereffekt)(InBrüüsch-Vorsitzender wacht auf, er hat sich verwandelt, ist jetzt der Grossherzog. Luxemburger lassen ihn los, alle sind sprachlos und erstaunt)

Wirt: Altesse... Wou waart dir nemme sou laang?
InBrüüsch-Vorsitzender: Ech war fort. . . Iirgentwou. . . Tescht Liewen an Dout. . . Mee lo sinn ech zreckkomm, well ech weess, wat mer maache mussen.
(1min30)
Wirt: Wat, Altesse, wat?

Altesse: Wäsch dir Moies, Mëttes an Owes d'Hänn
An no all waarmer Muelzecht botz dir och deng Zänn.
Sierf héiflech, schwätz nët mat vollem Mond,
A fëmm nët, well dat ass ongesond!

Wat wëll des Geschicht dir weisen?
Toleréier déi aner, jo och d'Preisen
Ob Neger, Homosexuell oder Judd
Zu alle Mënsche sief gudd

(spricht) Mir plenneren direkt op Letzebuerg zereck, an deem Land verdengt eis Fabrik am meechten, an d'Letzebuerger wäerten vun eis och profiteieren können, hieren Wuelstand ass domatt secher... Dir musst nämlech wessen daat den Letzebeier eigentlech schons emmer an China produzeiert gett, an mir hei an Europa nemmen d'Ettiquetten drop peschen...
Letzebuerger: Vive ! Vive!
Aktionäre: Yeah!
Alle: Kommt bei eis, well mir hunn de Wee lo fonnt
Zum éiweg grousse Völkerbond
Kee Land ass sou fräi vun Angscht a Suerg
Wéi eist schéint Lëtzebuerg!

Szene 13
(Im Kinosaal)

Intel1: Also daat mam Hitler, daat ass jo lo wierklech keen Tabubroch mei...
Intel2: Hm
Intel1: An waat ass dann lo dei genee Ausso vun deem Schluss do?
Intel2: Hm, leee dech net mat Leit un dei ausgesinn wei den Hitler, well se keinten den Grandduc sinn?
Intel1: Geif daat bedeiten daat den Grandduc den Hitler ass?
Intel2: Ma nee, den Hitler deen gouf jo gewielt...
Intel1: Zielt daat dann nach als schwarzen Humor?
Intel2: Also ech mengen ech hunn lo an deem gesamten Film soueppes wei eng Ironie erkennen können
Intel1: Hmjo, daat kann schon sinn... et musseen daat ganz als Kritik verstoen mengen ech.
Intel2: An sou Kritiken sinn jo och wichteg an richteg. Allerdengs sinn ech och houfreg drop Letzebuerger ze sinn. An net Belsch, an net Fransous...